Œuvre Nationale de Secours
Grande-Duchesse Charlotte
Luxembourg

USPROOCH VUM PRÄSIDENT

D'Leeë vum Grondsteen vum administrative Gebai « La Philanthropie » de 7. September 2011 zu Leideleng

Léif Éieregäscht a Vertrieder vun de Medien,

Léif Kollegen aus de Gremien vun der Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte,

Léif Frënn vun der Œuvre an der Loterie Nationale,

Ech wëll Iech fir t'éischt am Numm vun de Membere vum Conseil d'administration vun der Œuvre Merci soen dass dir eiser Invitatioun Folleg geleescht hutt fir mat eis zesummen de Grondsteen zum neie Gebai vun der Œuvre an der Loterie Nationale ze leeën.

Et ass eis wichteg bei dëser Geleeënheet de Vertrieder vun de Staats- a Gemengen-Autoritéiten, deene vun de philanthropeschen Organisatiounen, sou wéi dem breede Public matzedeelen, wéi eng Motivatiounen dësem Bau zu Grond leien an zesumme mat Iech all durch d'Grondsteeleeung vum neie Gebai dëse wichtege Schrëtt an der Entwécklung vun der Œuvre an der Loterie Nationale ze maachen.

Ech sinn dofir besonnech frou iwwert d'Präsenz vun

- der Mme Octavie Modert, Ministesch vun der Kultur, déi haut d'Regierung vertrëtt,
- dem Här Jean-Lou Siweck, Regierungsrot, deen eise Minister de Tutelle, de Staatsminister vertrëtt,

- dem Här Rob Roemen, Buergermeeschter vun der Gemeng Leideleng an de Schäffen, d'Madame Lotty Roulling an den Här Raymond Kauffmann,
- den Här Edmond Schumacher, laangjärege Generalsekretär a Präsident vun der Œuvre deen hir Geschécke 35 Joere geleet huet,
- sou wéi d'Präsenz vun de Vertrieder vun den Entreprisen déi dëse Bau realiséieren – ech wëll do besonnesch d'Präsenz vum Här Joseph Baustert, Direkter vun der Firma Soludec ervirsträichen, ouni déi kee Steen an och kee Grondsteen geluecht gi géif.

D'Motivatioun fir de Bau vun dësem neien administrativen Immeuble kënnt urspréinglech vun der Loterie Nationale, déi méi a méi Schwieregkeeten huet hir formidabel Expansioun, déi si zënter dem Joer 2000 konsequent verfollegt, mat deenen heitege Raimlechkeeten ze vereinbaren. Besonnesch den Datazenter, deen d'Kärstéck vun engem moderne Loteriebetrieb duerstellt, verlaangt adequat Lokalitéiten déi quasi een Neibau onëmgänglech maachen. Ech wéilt awer d'Presentatioun vun dësem Volet deene Persounen, déi wierklech eppes dovunner verstinn, an zwar dem Direkter vun der Loterie Nationale an dem Responsabel vun der IT, dem Här Daniel Schiltz lo geschwënn iwwerloossen.

Mä och d'Œuvre brauch nei Raimlechkeete fir déi Missiounen, déi am neie Kadergesetz vun 2009 ageschriwwe stinn, besonnesch sou wéi si selwer hir Missioun versteet an ëmsetze wëllt, ze erfëllen. Mir brauchen eng Schnëttstell, ee Lieu-de-Renconter mat deene Persounen a Vertrieder vun den Organisatiounen, deene mir hëllefen an déi mir ënnerstëtze sollen.

Déi di eis besser kennen an observéieren, wëssen dass d'Œuvre verstäerkte Kontakt mat den ONGe sicht fir hirem Rôle als Facilitateur gerecht ze ginn a fir hiert d'Wierken sou effizient wéi méiglech ze gestalten. Dës Multiplikatioun vu Kontakter bedéngt natierlech méi Opwand u Ressourcen an Infrastrukturen.

Ech wéilt an dësem Kontext och erkläre firwat mir dësem Gebai den Numm "La Philantropie" wëlle ginn. D'Haaptmissioun vun der Œuvre ass et direkt an indirekt Persounen ze ënnerstëtzen déi am Besoin sinn. Sou hunn d'Grënner vun der Œuvre, Enn 1944 an de Législateur vun 2009, d'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte chargéiert, sou wéi hir Denominatioun et ze erkenne gëtt, d'Persoune finanziell ze ënnerstëtzen - direkt haaptsächlech Krichsaffer - an indirekt duerch finanziell Zouwennungen un d' Offices Sociauxen an dem Fonds National de Solidarité, sou wéi un onzielbar philanthropesch Organisatiounen aus dem Land, bei deenen hiren Aktivitéiten de Mënsch am Mëttelpunkt steet.

D'Loterie Nationale hirersäits ass ebenfalls Facilitateur an deem si déi finanziell Viraussetzung schaaft déi et der Œuvre erlaabt hier Missioun ze erfëllen. Dës Missiounen an Aktivitéiten déi doraus ofgeleet ginn, so wéi dat Ideal wat hinnen zu Gronn läit, dréckt an den Ae vum Conseil d'administration vun der Œuvre treffend dat Wuert "Philanthropie" aus.

Mä den Numm soll och Programm sinn. Et soll d'Haus ginn wou all philanthropesch Organisatioun, all ONG, Veräin oder hir Daachorganisatiounen déi am soziale Beräich, an de Secteure Kultur, Sport an Ëmwelt täteg sinn, eng oppen Dir fanne fir hir Suergen a

Problemer duerleeën ze kënnen, asoufären dass d'Œuvre an d'Loterie se léise kënnen an mat hirem Kompetenzberäich ze vereinbare sinn.

De Bau läit asoufären och enger neier Opbrochstëmmung zu Grond an ëmgedréint befligelt de Bau och zu neien Aktivitéiten am Déngscht vun der lëtzebuerger Gesellschaft.

Dësen Esprit géinge mir och nach gäre mat derZeremonie vun haut verankeren.

Voilà, domat géif ech d'Wuert un den Här Léon Losch ofginn, deen eis lo Erläuterungen zu de Charakteristike vum neie Gebai gëtt.